IPSE | UNITÉ DE RECHERCHE IDENTITÉS. POLITIQUES, SOCIÉTÉS, ESPACES

**Organisatioun:**

**Institut fir Lëtzebuerger Sprooch-a Literaturwëssenschaft**
Université du Luxembourg
Maison des Sciences Humaines
UR-IPSE
11, Porte des Sciences
L-4366 Esch-Belval

Lingscape: Cititzen Science Meets Linguistic Landscaping
http://lingscape.uni.lu

Schnëssen – Är Sprooch fir d'Fuerschung!
http://infolux.uni.lu/schnessen/

# SPROOCH(EN) AM BERUFFLECHEN ALLDAG ZU LËTZEBUERG

22. November 2018

**9:30 - 17:00**

Campus Belval
Maison des Sciences Humaines
Black Box




uni.lu
UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

Reng sproochpolitesch gesi war 2017 en interessant a mouvementéiert Joer: D'Sprooche-Petitioune 698 a 725 hunn däitlech gemaach, wéi verschiddenaarteg iwwer d'Plaz, d'Roll, d'Funktioun an d'Potential vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft nogeduecht gëtt. Déi vum Educatiounsministère organiséiert Orthographies-Campagne schreiwen.lu weist däitlech, dass Diskussiounen ëm d'Lëtzebuergescht och fir d'Regierungsparteien en Thema sinn. Dës Verlagerung vun der Diskussioun ronderëm d'Lëtzebuergescht vun der politescher Marge an den Zentrum gëtt duerch de Gesetzesprojet iwwert d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen zementéiert. Dëse Gesetzesprojet leet d'Férderung vum Lëtzebuergeschen als Kommunikatiouns-, Integratiouns- a literaresch Sprooch am Kontext vun der Méisproochegkeet an engem 20-Jores-Plang fest an ass dowéinst, reng sproochhistoresch gesinn, wuel den ambitiéiste sproochpolitesche Férderungsprogramm, dee bis elo vun enger Regierung virgeluecht gouf.

Während also vu politescher Säit sou muenches fir den Ausbau an de gesellschaftlechen Ancrage vum Lëtzebuergesche gemaach gëtt, weise sech an den ëffentlechen Debatten iwwert d'Sprooch (an d'Méisproochegkeet am Allgemengen) am Land ganz ënnerschiddlech Perzeptiounen iwwert hire Gebrauch an der Praxis, hir symbolesch Funktiounen an hir ëffentlech Unerkennung. Während déi eng d'Lëtzbuergescht wéinst der ëmmer méi grousser friemsproocheger Communautéit a Gefor gesinn, betounen déi aner, datt d'Sproochcommunautéit, duerch d'Léieren an d'Schwätze vun der Sprooch, stänneg wiisst an doriwwer eraus duerch déi digital Kommunikatioun ëmmer méi Dynamik kritt.

Dës Initiativen, Usiichten, Diskussiounen an Diskurser ronderëm d'Sprooch werfen aus wëssenschaftlecher Perspektiv eng Rei interessant Froen op:

- Wat ass d'Plaz vum Lëtzebuergeschen a Beräicher, an deenen traditionell dat Franséischt oder dat Däitscht méi gebraucht gëtt (z.B. am Droit an um Tribunal, an der Arméi, an der Institutioun vun der Kierch, am Gesondheetswiesen, bei Ponts & Chaussées, an der Wëssenschaft, dem Journalismus, der Cour Grand-Ducale etc.). Wéi gëtt an dëse Beräicher op d'Sprooch(en) gekuckt?
- Wat sinn déi ënnerschiddlech Virstellunge vu Sprooch(en) a Bezuch op hire prakteschen Notzen, hir ëffentlech Unerkennung an hire soziale Prestige?
- Wat fir eng Bedeitung hu kulturell déif verwuerzelt Konzepter wéi ‚Mammesprooch' fir tradéiert Diskurser, Institutionaliséierung an Ideologie vu Sprooch? Wéi prägen se eis Opfaassung vum Sproochgebrauch an der Sproochkompetenz a verschiddene Beräicher a wat fir eng Auswierkungen hu se op d'Aart a Weis, wéi mir am Alldag sproochlecht Handelen (eist eegent an dat vun den aneren) bewäerten?

Zil vun dëser Konferenz ass et, vill verschidden Acteuren aus ënnerschiddleche professionnelle Kontexter zesummenzebréngen, fir iwwert d'Praxis vum Lëtzebuergeschen a méisproochegen Aarbechtskontexter ze diskutéieren. D'Konferenz ass an thematesch Workshoppen opgedeelt an oppe fir jiddereen, dee sech fir d'Thema interesséiert.

# PROGRAMM

**9:30 - 10:00 Wëllkomm a Kaffi**

Begréissung vum Georg Mein, Doyen vun der Fakultéit
Aféierung vum Jeanne E. Glesener a Peter Gilles

**10:30-12:00 Workshop 1 – Ablécker an de Sproochgebrauch (Moderatioun: Mélanie Wagner)**

*Participanten*

Claude D. Conter, Direkter Centre national de littérature – Literaturarchiv
Henri Eippers, Porte-parole de l'administration judiciaire
Nico Helminger, Auteur/Theater
Luc Marteling, Chefredakter RTL.lu
Victor Reuter, Directeur communication – Police Grand-Ducale

**12:00-13:30 Walking Lunch**

**13:30-15:00 Workshop 2 – Erausfuerderungen (Moderatioun: Christoph Purschke)**

*Participanten*

Roland Arens, Chefredakter Luxemburger Wort
Fränz Biver, Bistum Lëtzebuerg
Jean-Paul Maes, Auteur/Theater
Tanja Raveane, Conseillère en communication vun der Arméi
Myriam Welschbillig, Iwwersetzerin

**15:00-15:30 Kaffispaus**

**15:30-17:00 Workshop 3 – Potential a Perspektiven (Moderatioun: Peter Gilles)**

*Participanten*

Marc Barthelemy, Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch
Valerija Berdi, Journalistin Radio 100,7
Ralph Fichtner, Lëtzebuerger Online Dictionnaire
Claire Garçon-Wio, Service du Compte rendu – Chambre des Députés
Jeff Schinker, Auteur/Kulturredakter Tageblatt
Michel Weimerskirch, Entwéckler Spellchecker.lu

**17:00 Ofschloss-Apéro**